

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,
bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm
Kulturministesch weiderzeleeden:

*„Viru kuerzem ass am fréiere Bridderhaus zu Esch/Uelzecht eng
Residenz fir Kënschtler ageweit ginn.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Kulturministesch folgend
Froen stellen:*

- *Wéi vill Residenzen fir Artiste gëtt et de Moment am Land an a wat fir enger Uertschaft sinn si lokalisiert?*
- *Wéi vill Kapazitéit hunn dës Residenzen a wéi sinn si an de leschte Joren ausgelaascht gewiescht?*
- *Wéi laang ginn dës Residenzen am Duerchschnitt bewunnt an aus wat fir enge Länner kommen déi meescht Kënschtler?*
- *Wéi vill sou Wunnengen gëtt et de Moment am Éislek a wéi sinn dës ausgelaascht? Ass et virgesinn, fir méi där Wunnengen am ländleche Raum ze schafen, z.B. an enger Uertschaft wéi Clierf, déi jo den Titel "Cité de l'image" dréit, oder zu Veianen, déi jo och reegelméisseg Ausstellungen mat international unerkannte Kënschtler organiséiert? Oder an enger aler Kulturstad wéi Iechternach?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu